Aarbechtsgrupp a Règlement d'ordre intérieur

# Tensiounen a verschiddene Gemengen tëscht Employeur an Employé

RTL | Update: 16.12.2024 17:19




**Ob d'Gemengen hiert Personal schlecht behandelen oder op eenzel Mataarbechter sech donieft beholl hunn, datt konnt de President vum Syvicol net soen.**

Conter, Diddeleng an elo och Réimech: An e puer Gemenge goufen déi lescht Deeg, Wochen a Méint Mëssstänn oder Tensiounen tëscht Employeur an Employé ëffentlech bekannt. De President vum Gemengesyndikat Syvicol Emile Eicher sot am RTL-Interview, hien hätt net mat de Responsabele vun de betraffene Gemenge geschwat. Allerdéngs hätt de Syvicol rezent en Treffe mat der Gemengegewerkschaft FGFC an et wier een esou verbliwwen, datt en Aarbechtsgrupp op d'Been gesat gëtt. Hien huet och op e Règlement d'ordre intérieur higewisen, dee mam Inneministère géing ausgeschafft ginn. Déi Initiative geet allerdéngs schonn op eng Zäit virun de rezente Fäll zeréck.

Hie kéint net beurteelen, ob d'Gemengeresponsabel hiert Personal schlecht behandelen, dofir misst een op d'Resultater vun den Enquêtë waarden. Dem Emile Eicher no wier et awer bei de Gemengen net anescht ewéi beim Staat oder am Privatsecteur: Hie recommandéiert, seng Leit gutt z'encadréieren, kloer an däitlech ze sinn an och ze lauschteren. Da wier den hallwe Wee vum Erfolleg gemaach.

Op déi ëmgedréint Fro, ob eenzel Beamten oder Employéë sech donieft behuelen, huet de President vum Syvicol geäntwert, datt ee sech bei de Gemengen esou ewéi beim Staat u Prozedure misst halen. E Kommissär kéint agestallt ginn an e Conseil de discipline statuéieren. Déi rezent Fäll vun Tensiounen an de Gemenge wieren dem Emile Eicher no Ausnamen an hien huet betount, datt de ganz grousse Gros vun de Mataarbechter immens gutt géing schaffen. Et soll een d'Ausnam net ëmmer als Reegel duerstellen.